N°1225
Entrée le 14.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung op d'parlamentaresch Fro n°1225 vum 23. September 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend den « projet de logement au centre de Pétange ».**

1. Wéi ass de Wunnprojet Eucosider zënter menger leschter parlamentarescher Fro weiderkomm? Wat fir eng Reunioune goufen et, wat fir eng Etüde goufe realiséiert a wéi eng Aarbechte goufen um Site gemaach?

   Den ministre Meisch hat virun der Summervakanz en Echange mam Schäfferot vun der Gemeng Péiteng. An deem Kontext ass ënnert anerem den Projet vum PSL Eucosider thematiséiert ginn, esou wéi Noutwennegkeet an dësem Dossier prioritär wieder ze kommen. En wesentlecht Element fir d' Entwécklung vun dësem Site ass d'Fro vun der Accessibilitéit.

   Wann d'Fro vun der Accessibilitéit gekläert ass wäert an enger nächster Etappe um Planning vum Site kennen geschaaft ginn.

2. An der Äntwert op meng lescht Fro gouf geschriwwen: De Site ass zwar un den CR175 ugebonnen, mee doriwwer eraus momentan schlecht erschloss. De Gabarit vun der Strooss ass vu Péitenger Säit kommend extrem ageschränkt duerch d'Brécken ënnert der Eisebunn, a momentan fir de Schwéierverkéier am beschten iwwert e laangen Ëmwee, vun Nidderkuer kommend, ze erreechen. [...] An dem Kontext wier et méiglech, d'Ubannung vun dësem Site wesentlech ze verbesseren, andeem z.B. déiaktuell Eisebunnsënnerféierung duerch méie groussen Ouvrage géing ersat ginn. Ausserdem kéint eng bestoend Ubannung un de primäre Stroossereseau westlech vum Site ausgebaut ginn. Zousätzlech misst eng Héichspannungs-Stroumleitung verluet ginn, ier de Site kann entwéckelt ginn. Wéi wäit ass een op dëse Punkte vun den Ëmbauaarbechten?

   Momentan leeft am Kader vum nationale Mobilitéitsplang PNM 2035 am Kordall eng regional Verkéiersetude, dat zesumme mat der Stad Déifferdeng, esouwéi de Gemenge Käerjeng, Péiteng a Suessem (sikor). A dëser Etude gëtt och de Site Eucosider a d'Erschléissen iwwert de staatleche Stroossereseau consideréiert. Eng Mobilitéitsetude fir de Site selwer wäert déi detailléiert Erschléissung mat Auto, Bus, Vëlo, ... festleeën.

   Et ass awer momentan verfréit fir Léisungen ze presentéieren.
   Well de Site Eucosider awer no bei der Gare vu Péiteng läit, bitt et sech un de Site och iwwert den ëffentlechen Transport ze erschléissen. Esou existéiert nieft de Brécken ënnert der Eisebunn och haut schonns e Souterrain fir Foussgänger a Vëloen op Héicht vun der Nidderkuerer Strooss (CR175).

3. Am Péitenger Gemengerot vum 23te September 2024 gouf informéiert, dass de Site aktuell virun allem als Décharge genotzt gëtt. D'Péitenger Gemeng louhnt den Terrain hei vum Staat fir ee minimale Montant. Wat fir eng Sécherheetsbestemmungen gëllen fir d'Décharge?

Den Terrain get aktuel un d'Gemeng verlount. D'Gemeng stockéiert hei grad Baumatérial fir een Strossenchantier direkt beim Site.

Lëtzebuerg, den 13. November 2024
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch